




DAGESMAMM SERVICE RASSELBANDE
an Kooperatioun mat
D'ELTERESCHOUL OSTEN



Mir invitéieren häerzlech zum dëstjoereg Formatiounsprogramm
fir Elteren, dem réigelméisseg stattfannend...

RASSELBANDE-ELTEREN-TREFF

Uert vun den Veranstaltungen:
DAGESMAMM SERVICE RASSELBANDE
15, Rte de Wasserbillig
L-6693 MERTERT
(do wou den **ROUT BUS** steht)

All Formatiounen fannen op **Lëtzebuergesch** statt
an sinn **GRATIS** fir Iech.

Do just 12 Plaatzen zur Verfügung stoen musst Dir Iech w.e.g.
schriftlech umellen.


Dat geht am beschten iwwer eng Email an: kontakt@rasselbande.lu
Umellschluss ass jeeweils den Mëttwoch firun dem
Formatiounsdatum.

Um ze garantéieren, dat Formatiounen stattfannen müssen mir ee
Minimum vun 5 Leit am Kurs hunn.

Parkméiglechkeeten hunn mir op eisem Parkplaz direkt firun dem
Haus an op der géintiwwer leidend Stroossensäit op dem Terrain vun
der al Pompelstatioun (MOCK).



DAGESMAMM SERVICE RASSELBANDE
an Kooperatioun mat
D'ELTERESCHOUL OSTEN



FORMATIOUNSPROGRAMM

Freideg, den 26. Februar 2016 um 19:00 Auer

Nachts kommen die Monster ... über den Umgang mit Kinderängsten

Dozentin: Mme Rolande Fellerich, dipl. Pädagogin, Familienberaterin

Monster, Gespenster und Hexen. Wovor und warum haben Kinder Angst? Wie können wir Kindern helfen ihre Ängste zu bewältigen?

Freideg, den 25. März 2016 um 19:00 Auer

Monter a Gesond - die gesunde Ernährung unserer Kinder

Dozentin: Mme Liz Mersch, diététicienne

Die Ernährung und ihr Einfluss auf die Gesundheit und das Wohlbefinden unserer Kinder. Erlernen der Essgewohnheiten und Situationen rund ums Essen.

Freideg, den 29. Abrëll 2016 um 19:00 Auer


Léieren méi liicht gemaach !

Dozentin: Mme Manuelle Waldbillig- Schank, pédagogue, thérapeute systémique, experte en dyslexie

Wat heescht eigentlech „léieren“? Wéi eng Léierschwiereregkeete gëtt et a wat kann een dogéint maache? Wéi schaaft een doheem eng gutt Léieratmosphär? Wéi eng Roll spillen d'Elteren dobäi? Wéivill Encadrement a wéivill Eegestännegkeet brauche Kanner? Wéi kann ech mäi Kand motivéieren? Wat maachen ech wa mäi Kand zéi ass wann ët ëm d'Hausaufgabe geet?



DAGESMAMM SERVICE RASSELBANDE
an Kooperatioun mat
D'ELTERESCHOUL OSTEN



FORMATIOUNSPROGRAMM

Freideg, den 27. Mee 2016 um 19:00 Auer:

Regelen a Grenzen am Alldag mat eise Kanner

Dozentin: Mme Olga Cardoso, éducatrice graduée, conseillère
familiale

D'Grenzen, d'Regelen awer och d'Fräiheet an der Erzéiung vun eise
Jongen a Meedercher sinn Thema vun dësem Owend: Wéini ufänken?
Wéi soll een et mat de Konsequenze maachen? A wann et net
funktionéiert?

Freideg, den 1. Juli 2016 um 19:00 Auer:

„Nee, Nee! Ech well net!“ D`Trotzphase bei eise kleng Kanner

Dozentin: Mme Olga Cardoso

D'Trotzphase ass fir vill Elteren oder Erzéier immens ustrengend.
Reagéieren ech richtig? Wat ass normal a wat net? Wat brauchen
eis Kanner genee an dëser wichteger Phase vun hirem Liewen, a wéi
kënne mir hinnen an eis am einfachsten hëllefen?

Mir hoffen, dat Iech eis Themen zousoen an géifen eis iwwer eng
zuelräich Partizipatioun freeën.

Léierpersonal an Dageselteren sinn och häerzlech wëllkomm, mä
denkt drun, déi Formatiounen riichten sech an éischer Linn an
d'Elteren.

Villmols Merci fir Är Versteesdemech ☺

Mat beschten Gréiss vun der Dagesmamm, Stella Falkenberg